# No bei dir.

DEMOKRATESCH PARTEI

Käerjeng



## KANDIDATEN A WALPROGRAMM FIR D'GEMENG KÄERJENG

Lëscht 2

INVITATIOUN
WALVERSAMMLUNGEN
MAT EISE KANDIDATINNEN
A KANDIDATEN

5. Juni
19 Auer

KÄERJENG AM TREFF

6. Juni
19 Auer

KËNZEG AM ALE FESTALL

KAERJENG.DP.LU



**Léif Matbierger,**

An dësem Depliant presentéiere mer Iech eise Walprogramm fir d'Gemengewalen vum 11. Juni 2023. Mir gräifen 10 Themefelder op, déi jeeweils konkret Propositiounen fir eng besser Liewensqualitéit enthalen.

Fir mat eis iwwert eis Iddien ze schwätzen, kommt op eng vun eise Walversammlungen:

**Méindes, de 5. Juni um 19h00 zu Käerjeng am Treff**
**Dënschdes, de 6. Juni um 19h00 zu Kënzeg am ale Festsall.**

**Chers citoyens,**

Vous trouverez dans ce dépliant notre programme en vue des élections communales en langue luxembourgeoise, ainsi qu'un résumé de nos propositions en français. **Une version intégrale en langue française est disponible sur notre site internet kaerjeng.dp.lu.**

Venez discuter avec nous lors de nos réunions électorales :

**Lundi, le 5 juin (19h00) au Treff à Bascharage**
**Mardi, le 6 juin (19h00) à l'ancienne salle de fête à Clemency**







**DIR FANNT OCH AKTUELL INFORMATIOUNEN ZU EISE PROPOSITIOUNEN OP DE SOZIALE MEDIEN AN OP EISER INTERNETSÄIT:**

DP Gemeng Käerjeng

dp_kaerjeng

kaerjeng.dp.lu

# EIS 10 PRIORITÉITE FIR D'GEMENG KÄERJENG


**5** Verkéiersberouegung an eisen Dierfer
*Gestion du trafic dans nos villages*

**6** Mobilitéit
*Mobilité*

**7** Famill, Kanner a Jugend
*Famille, enfance et jeunesse*

**8** Bildung, Kannerbetreiung a Schoul
*Éducation, accueil des enfants et enseignement*

**9** Alter a Soziales
*Seniors et politique sociale*

**10** Een attraktiivt Gesellschaftsliewen, Sport a Kultur
*Une vie en communauté attrayante, sport et culture*

**11** Eng propper a sécher Gemeng
*Une commune propre et sûre*

**12** Energie a Klima
*Énergie et climat*

**13** Wunnen
*Logement*

**14** Eng digital, biergerno an transparent Gemeng
*Une commune numérique, proche des citoyens et transparente*






# VERKÉIERSBEROUEGUNG AN EISEN DIERFER

**D'Käerjenger Gemeng leit weiderhin ënnert deem intensive Stroosseverkéier. Net nëmmen d'Avenue de Luxembourg zu Nidderkäerjeng, mee all d'Dierfer vun eiser Gemeng sinn de Belaaschtungen vum Duerchgangsverkéier ausgesat, virun allem wärend de Spëtzestonnen, awer och de Rescht vum Dag. Mir brauchen dofir op nationalem a kommunalem Niveau e Gesamtkonzept, dat et erlaabt, d'Belaaschtungen duerch de Verkéier op e Minimum ze reduzéieren.**

• D'DP wäert sech onermiddlech dofir asetzen, dass den dréngend noutwennege **Contournement** méiglechst séier gebaut gëtt, fir den Duerchgangsverkéier aus dem Duerfkär vu Käerjeng eraus ze kréien;

• **Fest verbaute Moossnamen** ëmsetzen, déi de Verkéier berouegen, ouni dobäi déi Automobilisten ze schikanéieren, déi sech un d'Vitesse halen;

• Méi **Dialogtafelen** installéieren, déi uweisen, wann ze séier gefuer gëtt;

• Geféierlech Plazen a Kräizungen entschäerfen fir d'**Verkéierssécherheet** ze garantéieren. Op Kräizungen, wou oft Accidenter geschéien, soll d'Vitesse duerch verkéiersberouegend baulech Moossnamen erof gesat ginn;

• Reegelméisseg **Kontrollen** an den Tempo 30 Zonen duerchféiere loossen;

• De Verkéiersfloss op der Lëtzebuerger Strooss zu Käerjeng optiméieren duerch eng **intelligent Schaltung vun de roude Luuchten;**

• D'Kräizungen tëschent **Vëlosweeër** a Stroossen méi sécher maachen, duerch Verkéiersberouegung oder Unterführungen.

# GESTION DU TRAFIC DANS NOS VILLAGES

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Promouvoir et accélérer la construction du contournement de Bascharage ;

• Installer des ralentisseurs pour dissuader les excès de vitesse et améliorer la sécurité routière ;

• Installer des radars pédagogiques avertissant les automobilistes qui ne respectent pas les limitations de vitesse ;

• Réévaluer la conception des carrefours problématiques pour renforcer la sécurité routière ;

• Solliciter des contrôles de vitesse rigoureux dans les zones limitées à 30km/h ;

• Optimiser les flux de trafic dans l'avenue de Luxembourg en utilisant une programmation intelligente des feux tricolores ;

• Renforcer la sécurité au niveau des intersections des pistes cyclables en prenant des mesures pour ralentir le trafic ou en installant des passages souterrains.






# MOBILITÉIT

**D'DP wëll d'Weiche fir eng modern Verkéierspolitik stellen, déi de Bierger eng gutt Liewensqualitéit offréiert. De Schlëssel dofir läit an engem pragmateschen a vernetzte Mobilitéitskonzept, dat duerch eng Biergeremfro de Besoine vun de Leit ugepasst ass an hinnen déi néideg Fräiheet a Flexibilitéit gëtt, fir zouverlässeg vun A op B ze kommen.**

**D'DP proposéiert dofir follgend Initiativen:**

• E **Ruffbus** aféieren, deen eisen Awunner d'Méiglechkeet gëtt, déi eenzel Plazen an eiser Gemeng einfach ze erreechen, ënnert anerem den Dokter, d'Spidol, de Supermarché an d'Geschäfter;

• Duerch Etuden evaluéieren, wou d'Schafe vun **zousätzleche Parkplazen** noutwenneg ass, zum Beispill fir d'Parksituation bei Manifestatiounen ronderëm den Treff, de Fussballterrain an de Site "Op Acker" ze verbesseren;

• Bei de lokale Betriber genuch **Parkméiglechkeeten** fir Autoen a Vëloen virgesinn, an dat fir d'Clienten an d'Mataarbechter;

• De Bau vum **Parkhaus** bei der Gare viru bréngen, fir d'Parksituatioun an deem Quartier ze verbesseren;

• Do wou et néideg ass, d'**Parkzäit** aschränken fir d'Belaaschtung duerch Laangzäitparker erof ze setzen;

• Mir brauche méi **sécher**, vun der Strooss ofgetrennten an zesummenhängend **Fouss- a Vëlosweeër**, an eiser Gemeng souwuel wéi och tëschent deenen eenzelen Uertschafte vun eiser Gemeng;

• **Digital Ecranen** op méiglechst ville Bushaltestellen ubréngen, déi Informatiounen iwwert déi nächst Departen an iwwer Verspéidungen uweisen;

• Fir d'Gemeng a Saache Mobilitéit fit fir d'Zukunft ze maachen, soll e **Verkéiersentwécklungsplang** ausgeschafft ginn. Dës laangfristeg Strategie wäert an Zesummenaarbecht mat den Acteuren aus der Mobilitéit a mat de Bierger geschéien;

• **Service-Statioune fir Vëloen** ariichten, déi et de Vëlosfuerer erlaben, kleng Reparaturen ënnerwee ze maachen a Pneuen opzepompelen;

• E **Velo-Lokatiounssytem** aféieren, zum Beispill op der Gare, bei den Hotellen, beim Gîte asw.

# MOBILITÉ

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Offrir un service de transport à la demande (« Ruffbus ») afin de faciliter les trajets vers le médecin, l'hôpital, le supermarché et les commerces ;

• Déterminer par des études les endroits où la création de places de stationnement supplémentaires est requise, par exemple pour augmenter les possibilités de stationnement lors de manifestations sur le site « Treff, Dribbel, Op Acker » ;

• Prévoir des possibilités de stationnement pour les clients et employés des entreprises locales, aussi bien pour les voitures que pour les vélos ;

• Accélérer la construction du parking près de la gare ;

• Réduire la durée de stationnement dans les quartiers où cela s'avère nécessaire ;

• Développer des pistes cyclables communales, séparées de la route, au sein des localités et entre les localités de notre commune ;

• Equiper les arrêts de bus avec des panneaux d'affichage numérique renseignant les départs et les retards ;

• Elaborer un plan de gestion du trafic pour préparer la commune à affronter l'avenir en matière de mobilité ;

• Installer des stations de réparation pour vélos dotés des outils nécessaires pour effectuer des petites réparations et d'une pompe à air ;

• Introduire un système de location de vélos.



# FAMILL, KANNER A JUGEND

**D'Zukunft gehéiert eiser Jugend. Mir wëllen, datt d'Kanner an déi Jugendlech glécklech a gesond an enger familljefrëndlecher Gemeng grouss ginn. Mir setzen op eng zukunftsorientéiert Politik an triede fir en nohaltegt Stadbild an, datt de Besoine vun de jonke Generatioune gerecht gëtt. Déi wichtegste Viraussetzung dofir sinn ofwiesslungsräich an inklusiv Plaze fir ze spillen, den Ausbau vu sécheren an deels exklusive Fouss- a Vëlosweeër, Fräiraim fir déi Jugendlech an d'Fërderung vun enger differenzéierter Offer am Sport an an der Kultur. Déi aktiv politesch Partizipatioun vun de Kanner a Jugendleche wäerte mir duerch altersgerecht Formater fërderen.**

**D'DP proposéiert dofir follgend Initiativen:**

• Zu Nidderkäerjeng en **neit Jugendhaus** op engem anere Site bauen. En neit Konzept, dat zesummen mat deenen Jonken ausgeschafft gëtt, an dat un eis Zäit an déi aktuell Bedierfnesser vun eiser Jugend ugepasst ass, mat frëndlechen an hellen Banneräim;

• E **Jugendhaus zu Kënzeg** schafen;

• Eng jugendfrëndlech Mobilitéit. Duerch de **Ruffbus**, deen och owes an Nuets fir regional Manifestatiounen fiert, an duerch adaptéiert Vëlospisten d'Mobilitéit vun de Jugendleche verbesseren;

• Eis Jugendlecher musse matentscheede kënne bei Froen déi si uginn, duerfir d'Konzept vum engem **Kanner- a Jugendgemengerot** fërderen mat engem kommunalen Jugendbeoptragten.

# FAMILLE, ENFANCE ET JEUNESSE

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Construire une maison de jeunes sur un nouveau site à Bascharage. Un nouveau concept adapté aux besoins actuels des jeunes ;

• Créer une maison de jeunes à Clemency ;

• Améliorer la mobilité des jeunes par la mise en place d'une navette sur demande (« Ruffbus »), qui circule aussi pendant la nuit pour se déplacer aux manifestations régionales ;

• Promouvoir le concept du conseil communal des jeunes avec un chargé pour jeunes.



# BILDUNG, KANNERBETREIUNG A SCHOUL

**Eng gutt Educatioun ass d'Viraussetzung fir e selbstbestëmmtent Liewen a fir déi gesellschaftlech Inklusioun vun engem Mënsch. Fir d'DP steet dobäi d'Chancëgerechtegkeet am Mëttelpunkt. Mir wëllen all de Schüler optimal Bildungschance bidden, onofhängeg vun hirer Hierkonft. De Schlëssel fir dohinner si villfälteg a gutt equipéiert Schoulen a Betreiungsstrukturen, déi d'Schüler mat hire sëllegen Talenter fërderen, hiert Potential fräisetzen a si op hirem Bildungswee ënnerstëtzen.**

**D'DP proposéiert dofir follgend Initiativen:**

• D'Offer vun de Plazen an de **Kannerbetreiungsstrukturen** de Besoinen no ausbauen an esou garantéieren, dass all Kand ka vun der non-formaler Bildungsoffer profitéieren. Dobäi leeë mir extra vill Wäert op d'Villfalt vun de Bedreiwer vun de Strukturen an op déi verschidde pädagogesch Schwéierpunkten (Bëschcrèche, Kannerbetreiung um Bauerenhaff, asw.);

• D'Offer am **Precoce** esou ausbauen, dass all Kanner kënnen – jee no Besoin – bis zu 28 Stonnen d'Woch dovunner profitéieren. An engems wëll d'DP garantéieren, dass all Kand aus dem Precoce – wann néideg – eng Plaz an der Maison relais kritt;

• Dofir suergen, dass an de **Schoulkantinnen** frësch, lokal an nohalteg Liewensmëttel verschafft ginn;

• De Schoulwee muss zoumuttbar a sécher sinn. Iwwert d'Asetzen vu **Schülerlotsen** op sensibele Plazen sollt nogeduecht ginn;

• Dofir suergen, datt d'Grondschoulen dat néidegt **IT-Equipement** kréien an domat all de Kanner déi technesch Viraussetzunge fir en zäitgeméissen Unterrecht an e modernt Léiere garantéieren.

# ÉDUCATION, ACCUEIL DES ENFANTS ET ENSEIGNEMENT

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Accroître les capacités des structures d'accueil pour enfants en fonction des besoins et garantir pour que chaque enfant puisse bénéficier de l'offre en matière d'éducation non formelle (crèche forestière « Bëschcrèche », accueil d'enfants à la ferme, etc.) ;

• Développer l'offre d'éducation précoce afin que tous les enfants aient la possibilité d'en bénéficier jusqu'à 28 heures par semaine selon la demande des parents. Parallèlement, le DP veillera à ce que tous les enfants de l'éducation précoce obtiennent le cas échéant une place dans une maison relais ;

• Garantir une offre d'alimentation à base de produits frais, locaux et durables dans les cantines scolaires ;

• Assurer le chemin vers l'école en toute sécurité, garanti par des agents de circulation ;

• Veiller à ce que les infrastructures scolaires communales disposent de tous les équipements techniques (IT) nécessaires pour permettre un enseignement aux exigences actuelles offrant un apprentissage moderne.



# ALTER A SOZIALES

**D'Liewenserfarung vun eise Senioren ass eng Beräicherung fir eis Gemeng. D'DP wäert d'Viraussetzunge schafen, fir eisen eelere Matbierger, esou laang ewéi méiglech, en eegestännegt a gutt Liewen doheem z'erlaben.**

**D'DP proposéiert dofir follgend Initiativen:**

• E Gemengeservice aféieren, deen **administrativ Ënnerstëtzung** bitt fir eeler Leit, déi nach doheem sinn, awer net méi sou mobil sinn;

• **Méigeneratiounenhaiser** ënnerstëtzen, fir en harmonescht Zesummeliewen vun all Alter ze erméiglechen;

• D'Aféiere vun engem **Ruffbus**, fir datt eeler Leit oder Leit, déi schlecht zu Fouss sinn, kënnen hir Kommissiounen eegestänneg maachen (Supermarché, Geschäfter, Dokter, asw.);

• **Beweegung am Alter** ass wichteg, well kierperlech Aktivitéit hält fit. D'DP wäert d'Offere fir Sport ze maachen a fir generell a Beweegung ze bleiwen, ënnerstëtzen;

• Coursen (**digitale Rattrapage**) ubidden, fir d'Leit fit ze maache fir déi digital Welt;

• Eng **Epicerie sociale** an eiser Gemeng ariichten.

# SENIORS ET POLITIQUE SOCIALE

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Introduire un service communal qui offre un soutien administratif pour les personnes âgées résidant toujours dans leur domicile mais présentant une mobilité limitée ;

• Promotion de maisons multigénérationnelles afin de renforcer la cohésion entre les citoyens de tous âges au sein de la commune;

• Introduire un service de transport à la demande « Ruffbus » permettant aux personnes âgées et ceux à mobilité réduite d'effectuer leurs déplacements hebdomadaires (courses, visites chez le médecin, etc.) de manière autonome ;

• L'exercice physique est bénéfique au maintien d'une bonne santé. Le DP entend encourager et, si nécessaire, élargir l'offre de sports et d'activités physiques visant à préserver et à promouvoir la santé ;

• Proposer des formations en technologies numériques pour permettre aux personnes intéressées de se familiariser avec le domaine numérique ;

• Mettre en place une épicerie sociale au niveau de notre commune.



# EEN ATTRAKTIIVT GESELLSCHAFTSLIEWEN, SPORT A KULTUR

**D'DP steet fir eng fräi, oppen an tolerant Gesellschaft, déi alle Mënschen d'Méiglechkeet gëtt, fir um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. Mir wëllen dat interkulturellt Zesummeliewe fërderen an nei bäigezunne Leit encouragéieren, fir sech aktiv um Liewen an der Gemeng ze bedeelegen. Dofir wäerte mir de Sport, d'Kultur an d'Volontariat weider aktiv ënnerstëtzen.**

**D'DP proposéiert dofir follgend Initiativen:**

• Eng konkret a substanziell **Ënnerstëtzung vun de lokale Veräiner**, well dat ass essentiel fir e gutt Zesummeliewen an der Gemeng;

• Eng **Muppewiss** ariichten, mat engem héijen, robusten, a sécheren Zonk, wou d'Hënn sech kënnen ouni Léngt austoben. Esou en Hondspark wier am Sënn vun den Hondsbesëtzer a vun de Leit, déi wëllen ongestéiert op ëffentleche Plaze spadséiere goen;

• Nieft dem **Jumelage** mat Gaflenz eng nei Partnerschaft opbauen;

• Reegelméisseg e **lokale Maart** an eiser Gemeng organiséieren;

• Déi besteeënd Säll an der Rei halen an dofir suergen, dass e **Sall fir kulturell Zwecker** an all Uertschaft vun eiser Gemeng zur Verfügung steet;

• Am Bësch e **Fitnessparcours** mat Trainingselementer ariichten, déi fir all Altersgrupp a fir all Leeschtungsstuf gëeegent sinn;

• **Gemengefoiren** organiséieren, wou sech Veräiner, Associatiounen a Verwaltunge kënnen de Bierger virstellen. D'Leit kënnen sech esou direkt iwwer d'Veräiner a Servicer informéieren an aschreiwen;

• **Noperschaftsfester** ënnerstëtzen, fir e gutt Zesummeliewen an den Echange tëschent de Noperen ze fërderen.

# UNE VIE EN COMMUNAUTÉ ATTRAYANTE, SPORT ET CULTURE

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Apporter un soutien réel et concret aux associations locales;

• Créer un espace clôturé spécialement aménagé pour les chiens, afin qu'ils puissent se divertir en liberté sans laisse ;

• En plus du jumelage existant avec Gaflenz, encourager un partenariat supplémentaire ;

• Organiser régulièrement un marché local au sein de la commune de Käerjeng ;

• Entretenir les salles existantes et veiller à ce qu'une salle culturelle soit disponible dans chaque localité de notre commune ;

• Créer un parcours de fitness dans la forêt ;

• Organiser des foires citadines où chaque société locale, association ou administration aura l'opportunité de se présenter aux citoyens ;

• Soutenir les fêtes des voisins afin de promouvoir la vie commune et de renforcer le lien social entre voisins ainsi que l'appartenance à des valeurs communes.



# ENG PROPPER A SÉCHER GEMENG

**D'Gemeng ass mat responsabel fir d'Sécherheet an fir d'Protektioun vum Bierger. D'Sécherheet – och an zemools déi gefillte Sécherheet – gehéiert zu de wichtegste Piliere vun der Liewensqualitéit.**
**E gefleegten ëffentleche Raum ass gutt fir d'Wuelbefannen vun den Awunner a gëtt e gutt Bild vun eiser Gemeng no baussen of.**

**D'DP proposéiert dofir follgend Initiativen:**

• Dofir suergen, dass d'**Policepräsenz** an eiser Gemeng verstäerkt gëtt, fir präventiv anzewierken. Zousätzlech solle Mesure getraff ginn, fir efficace géint Haiserabréch virzegoen;

• Eng **kommunal Police** aféieren;

• D'DP wëll reegelméisseg a Biergerversammlungen mat den Awunner iwwert d'**Sécherheetslag** diskutéieren. Op Basis vun deene Gespréicher wäerte mir e lokaalt **Sécherheetskonzept** mat der Police zesummen ausschaffen an eventuell d'Policereglement upassen;

• Dofir suergen, dass **all Zebrastäifen** duerch eng adequat Beliichtung déi néideg Sécherheet garantéieren;

• **Hondstuuten** op de vill benotzte Weeër zur Verfügung stellen, fir datt eis Stroossen a Plaze propper bleiwen;

• Strosseninselen a **Gréngflächen** nohalteg, awer präsentabel ënnerhalen, an net sech komplett selwer iwwerloossen;

• Rollstullgerecht **ëffentlech Toiletten** op den zentrale Plazen installéieren.

# UNE COMMUNE PROPRE ET SÛRE

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Veiller à une présence renforcée de la Police. Prendre en outre des mesures afin de lutter contre les cambriolages ;

• Introduire une police municipale ;

• Consulter régulièrement les citoyens au sujet de la situation de sécurité. Sur base de ces entretiens, élaborer un concept de sécurité local ensemble avec la Police et adapter éventuellement le règlement de Police ;

• Veiller à ce que tous les passages piétons soient équipés d'un éclairage adéquat afin d'assurer la sécurité nécessaire ;

• Assurer la présence d'un nombre suffisant de distributeurs de sachets pour déjections canines ;

• Entretenir les espaces verts de façon durable, mais présentable ;

• Installer des toilettes publiques également accessibles aux personnes à mobilité réduite.



# ENERGIE A KLIMA

**Fir en effiziente Klimaschutz, mussen alleguerten d'Acteuren un engem Strack zéien. D'Gemengen hunn hei eng besonnesch Responsabilitéit an domadder eng Virbildfunktioun. D'DP wëll de Klimaschutz op lokalem Niveau dofir konsequent stäerken. Mir wëllen déi erneierbar Energien ausbauen, déi kommunal Gebaier energeetesch sanéieren an d'Energieeffizienz steigeren.**

**D'DP proposéiert dofir follgend Initiativen:**

• Sécher stellen, dass d'Gemeng hirer Virbildfunktioun a punkto erneierbaren Energien an **Energieeffizienz** gerecht gëtt andeems si op deementspriechend Technologien ëmstellt;

• An enger Etude soll evaluéiert ginn, ob d'**Cogeneratiounsanlage** um Schoulkomplex "op Acker" duerch méi eng nohalteg a klimafrëndlech Technik ersat soll ginn;

• Op ëffentlechen a vill frequentéierte Plazen fräi accessibel **Drénkwaasserspender** opstellen;

• D'**Loftqualitéit** an der Gemeng muss reegelméisseg iwwerpréift ginn, fir eventuell verkéierstechnesch Géigemesuren ze decidéieren;

• Dofir Suergen, dass effizient **Schallschutzmoossnamen** beim Bau vun Contournement integréiert ginn.

# ÉNERGIE ET CLIMAT

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Assurer à ce que la commune honore son rôle de modèle en matière d'énergies renouvelables et d'efficacité énergétique en se tournant vers les technologies qui s'imposent ;

• Evaluer à l'aide d'une étude si la centrale de cogénération sur le site scolaire « Op Acker » devrait être remplacée par une technologie plus durable et plus écologique ;

• Installer des fontaines à eau potable en libre accès dans les lieux publics très fréquentés ;

• Contrôler régulièrement la qualité d'air dans la commune afin de prendre, le cas échéant, des mesures correctives en matière de circulation routière ;

• Assurer à ce que des dispositifs de réductions du bruit efficaces soient instaurés lors de la construction du contournement.



# WUNNEN

**Bei der Lutte géint d'Wunnengskris dréit di ëffentlech Hand eng besonnesch Responsabilitéit, och an de Gemengen. D'DP wëll der steigender Nofro no bezuelbarem Wunnraum mat enger méi séierer Mobiliséierung a Fërderung vun alternative Wunnformen entgéint kommen.**

**D'DP proposéiert dofir follgend Initiativen:**

• De soziale Wunnengsbau ausbauen fir **bezuelbare Wunnraum** ze schafen. De geschafene Wunnraum an d'Terrainen, déi an ëffentlecher Hand sinn, sollen an éischter Linn jonke Familljen a Stéit zegutt kommen, iwwert de Wee vun Ierfpacht oder Locatioun;

• Fir d'Offer un **accessibele Wunnengen** an der Gemeng z'erhéijen, proaktiv Leit a Betriber uschwätzen, déi hir Terrainen net bebauen. Mam Zil, fir déi Terrainen ze kafen oder awer fir se fir eng Zäit ze pachten, fir Modularbauten drop ze setzen;

• D'Grënnung vu **Méigeneratiounshaiser** fërderen an domadder den Zesummenhalt queesch duerch d'Generatiounen an der Gemeng stäerken;

• D'Bautereglement upassen, fir alternativ Wunnformen, ewéi **Wunngemeinschaften** oder de Bau vun **Tiny houses** z'erméiglechen.

# LOGEMENT

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Développer la construction de logements sociaux ;

• Afin de renforcer l'offre de logements abordables au sein de la commune, adopter une approche proactive en se mettant en contact avec les citoyens et les entreprises qui ne construisent pas sur leurs terrains ;

• Promouvoir les maisons multigénérationnelles afin de renforcer la cohésion intergénérationnelle au sein de la commune ;

• Adapter le règlement communal des bâtisses afin d'ouvrir la voie à des formes de logement alternatives, telles que les communautés de logement ou la construction de « tiny houses ».







# ENG DIGITAL, BIERGERNO AN TRANSPARENT GEMENG

**D'DP wäert voll vum Potenzial vun der Digitaliséierung profitéieren an de Fortschrëtt an den Déngscht vun de Bierger stellen. D'Zil soll ëmmer de beschtméiglече Service um Bierger sinn.**

**D'DP proposéiert dofir follgend Initiativen:**

• Eng **„Report-it" Software** aféieren, mat där de Bierger an einfacher Form matdeele kann, wann eppes an der Gemeng gefléckt oder gebotzt soll ginn. Dës kéint an eis CityApp integréiert ginn;

• Am Sënn vun der **Transparenz** d'Gemengerotssëtzungen via Livestream iwwerdroen, an zousätzlech online am Archiv vun eiser Gemeng als Tounopnam zougänglech halen;

• D'**Ëffnungszäiten** vun de Gemengenservicer a vum Recycling-Center méi flexibel gestalten;

• Reegelméissegen **Audit** vun de Gemengefinanzen a Screening vun den Ausgaben duerchféieren;

• Eng laangfristeg Finanz- an Investitiounsplanung bedreiwen a fir **zukunftsssécher Investitiounen** suergen;

• Plazen ausserhalb vum Gemengenhaus proposéieren, fir déi **zivil Bestietnisser** ofzehalen;

• Schafe vun engem **Bëschkierfecht** um Territoire vun der Gemeng Käerjeng. Sou mussen d'Awunner net méi op d'Infrastrukturen an de Nopeschgemengen zeréckgräifen.

# UNE COMMUNE NUMÉRIQUE, PROCHE DES CITOYENS ET TRANSPARENTE

**Le DP propose les initiatives suivantes :**

• Instaurer une application « Report-it » qui permet aux citoyens d'informer aisément l'administration communale d'éventuels besoins de réparation ou de nettoyage ;

• Dans un souci de transparence, offrir la diffusion en direct des séances du conseil communal et rendre les enregistrements audio accessibles sur le site web de la commune ;

• Adapter de manière flexible les horaires d'ouverture des services communaux et du parc de recyclage pour répondre aux besoins de la population de manière plus pratique ;

• Effectuer périodiquement un audit des finances communales et réaliser une analyse approfondie des dépenses pour assurer une gestion transparente et responsable des ressources ;

• Adopter une approche de planification financière à long terme, incluant les investissements, afin d'assurer une gestion durable et proactive des ressources communales ;

• Offrir des options de lieux alternatifs pour célébrer les mariages civils en dehors de la mairie ;

• Mettre en place un cimetière forestier sur le territoire de la commune de Käerjeng.

# HOW TO VOTE

## Ons Kandidaten

#nobeidir

Lëscht

2


Nico Funck
Jérôme Hautus
Marc Bindels
Gilles Funck
Kevin Funck
Diana Gomes Da Silva
Brigitte Hautus-Eiffes
Steve Hengesch
Sandra Jeitz-Schroeder
Jeff Kappler
Gilles Kirsch
Halina Laidebeur
Brigitte dite Gitty Ley
Yannick Reiser
Olivier Schroeder

# No bei dir.

## EIS KANDIDATE
## FIR D'GEMENG KÄERJENG

DEMOKRATESCH PARTEI
Käerjeng

Lëscht 2



**NICO FUNCK**
Gemengeconseiller
Eisebunner
50 Joer, Nidderkäerjeng




**JÉRÔME HAUTUS**
Bëschaarbechter
28 Joer
Nidderkäerjeng



**MARC BINDELS**
Eisebunner
46 Joer
Uewerkäerjeng



**GILLES FUNCK**
Magasinier-Préparateur
bei engem Daachdecker
33 Joer, Uewerkäerjeng



**KEVIN FUNCK**
Fonctionnaire-Stagiaire
an der Policeschoul
28 Joer, Nidderkäerjeng



**DIANA GOMES DA SILVA**
Assistante sociale
24 Joer
Nidderkäerjeng




**BRIGITTE HAUTUS-EIFFES**
Pensionairin
63 Joer
Kënzeg




**STEVE HENGESCH**
Gemengebeamten
Independant
52 Joer, Nidderkäerjeng




**SANDRA JEITZ-SCHROEDER**
Anc. Employée op
enger Bank
44 Joer, Nidderkäerjeng



**JEFF KAPPLER**
Gemengenaarbechter
28 Joer
Nidderkäerjeng




**GILLES KIRSCH**
Bëschaarbechter
36 Joer
Kënzeg




**HALINA LAIDEBEUR**
Schülerin
18 Joer
Uewerkäerjeng



**BRIGITTE DITE GITTY LEY**
Ekonomistin
Professesch
59 Joer, Nidderkäerjeng



**YANNICK REISER**
Employé am
Landwirtschaftsministère
28 Joer, Kënzeg



**OLIVIER SCHROEDER**
Bauer
37 Joer
Kënzeg



KAERJENG.DP.LU